# D'KAND MUSS BE'SSEN.

## Persônnen.

Leonore : Comtesse de Villeroy
Liliane : hiert Kand
Hélène : Leonars Schwester
Anna : Gro'ssmamm
Nora : hiert Medchen
Marie : dem Medche seng Duechter
Nelly + Netty : 2 Medercher aus dem Durf.
Angèle :
Victorine : dames d'honneur bei der Comtesse
Marianne :
Bebchen : Nopesch fun der Gro'ssmamm
Eng al Fra
Eng Guichetière
Eng Fra aus dem Duerf

## I. Akt

Arend Zemmer bei der Gro'ssmamm Anna.

### I. Scene.

Gro'ssmamm : ( Setzt beim Spannrad a spönnt - Sie hält geschwönn op ) Haut wöllt mei Redchen sech net eso' se'er dre'en we soss. Jo, et get en âl. Meng Fangeren gin durchsichteg a kropeleg. Et sin net mé de schén Hänn aus der jonger Zeit. Meng achtzeg Jo'er drecke mech schwe'er. A dach, we zefridden a roeg géf ech alles erdroen, wann d'Marie versuergt a place'ert wir. Dat gudd Kand! Dach, fir wat jémeren a kloen ? Eiser Herrgott huet nach ömmer gehollef. Hin werd ons och nach ömmer mat senger Höllef beistoen . ( Sie kukt zur Fenster eraus ) Wat ass nömmen dobaussen lass ? D'Leit lafen zesummen ass we wann eppes passe'ert wär. ( Macht d'Fenster op ) Hé! Joffer Bebchen, wat ass geschitt ( kleng Paus ) Ech kann iech net verstoen.- A sô, d'ass gutt. Bis derno. D'Loft ass schwe'er we Blei. De Dompegkét höllt engem den Otem. Ma do kent d'Marie dat gudd Kand! ( Get lues, a setzt sech an d'Fotel.

### 2. Scene.

Marie : ( Kent eran mam Lidderheft ) Bonjour, Grôsi !
Gro'ssmamm : ( höllt dem Marie sei Kapp teschend hier Hänn ) Bonjour, mein Hierz ! Warst de schon an der Muttergotteskapellchen um Bierg?
Marie : Jo, et ass esô roheg a fridlech do uewen.
Gro'ssmamm : Du hues recht. Do ass e Steck vum Paradeis . Marie, wes du och, dass du ganz besonnesch e Schutzkand bass fun der Muttergottes ? Den Dag, we's du gedeft gi bass, huet den âle Pastoer, den haut dôt ass, dech der Himmelsmamm geschenkt, eiser gudder Tréschterin.
Marie : ( stet do eso nodenklech ) Ma Grôsi, hues de deng Muergeszöppchen well gies?
Gro'ssmamm : Jo, mei Kand, sie huet mer wirklech gudd geschmacht. Besser we dem Reichen seng dei'er Holzechten.
Marie : Ech wöllt ech könnt dir eppes Besseres virsetzen.
Gro'ssmamm : Nen, dat wenschen ech mier guer net. De Reichtom huet well dack vill Misär mat sech bruecht. Marie, komm, sang mer e Muttergotteslidd.
Marie : Jo, dir zu Left. ( et fängt un ze sangen, op emol brecht et kurz of a set traureg : Ech kann net me, mir ass et eso bang a schwe'er em d'Härz . Ech mengen ech misst erstecken .

Gro'ssmamm : Dat ass d'Wierder an der Schold. Et ass eso schmeier, d'Donnerwierder wärt geschwen lassbriechen.
Marie : Ne, Grôsi, et ass dat net. Wé ech do uewe bei der Kapell op dem mölle Moosteppech sôts, hun d'Leit mech eso égenarteg ugekuckt. Ganz aneschter ewé soss. Sie wösse bestemmt eppes fu mier. Soll ech net gudd an der Andacht gesongen hum ! Et ass mir eso schwe'er em d'Härz.Ech wes net, ech wölt, ech gief stierven , da kém ech bei de Papp an den Himmel a bei d' Mamm. ( Et kräescht.)
Gro'ssmamm : Marie, schwätz dach net fum Stierwen. Du stés an denger schenster Jugend, a Fred a Sonn sollen dech begléden durch d'ganz Liewen. Ech hun dech an denge Kannerjoheren trei behitt, an elo wöllst du net me bei mir bleiwen, mech verlossen ! Wé wöllt eso undankbar sin !
Marie : O Grôsi, ech sin net ondankbar . A dach spieren ech a mengem Härz d'Verlengeren an d'Left no menger Mamm . Kuck, munchmol denken ech, meng Mamm wir nach net dôt . Ech géf sie erem fannen, an sie u mein Härz drecken. Ma dat ass jo nömmem en Dram, den nie an Erföllong get. Geldu !
Gro'ssmamm : Jo, dat ka emol net sin , an eis Léw de fort sin, kommen elo net mé erem.
Marie : Ech erönne mech nach so' e bössen u meng Mamm : Et war Nuecht. Ech hun a mengem Bettche geschlof. Op emol stong meng Mamm firu mir . Sie huet mecht gekösst, a gekrasch, a gesot : "Et dreift mech eppes fort fun hei.Du huet sie gelacht an sie ass verschwonnen. Puer Dé duerno war se dôt.
Gro'ssmamm : Marie ,mei Kand, bero'heg deg, dat war jo nemmen en Dram.
Marie : Ne, Grôsi, et war ken Dram, et war Wirklechkét, ech gesin se nach deitlech firu mir stoen.
Gro'ssmamm : Schlo der den Drêm aus dem Kapp, an denk net me doriwer no. Dei Papp am Graf hätt jo keng Rô me.
Marie : Fir wat ömmer nemmen de Papp an d'Mamm net? Sie ass jo och dôt.Sot, wievill Johr sin dat elo, dass se dôt ass ?
Grôsi : Et sin elo I2 Joer dat sie ..... dat sie eis verloss huet.
Marie : Weni ass de Papp gestuerwen ?
Grôsi : 2 Johr durno . Verdross a Léd hun sein Härz gebrach.
Marie : Den arme Papp! Ma sot emol Grôsi, wir wat ass d' Mamm eso jonk gestuerwen du ziels ömmer vum Papp an nie vun der Mamm ?
Grôsi : Jo,jo, da komm, a lauschter ... Awer nén ,elo ass keng Zeit. Du muss jo elo an d' Schlass fir mam klenge Liliane ze spillen an ze sangen. Ech hätt et elo bal vergiess.

3. Scene.

Bebchen : Bonjour alleguer. (Get der Grôsi an dem Marie d'Hand )
Grôsi : Bonjour Bebchen, an du Marie, du muss dech fleissen. Am Schlass warden sie op dech. Geh du roheg a kömmer dech net em d'Leits Geschwätz. ( kesst d'Marie dat fort gêt )

4. Scene.

Bebchen : Ass dat e Misär, ass dat e Léd ! O Kanner ass dat e Léd ! ( setzt sich op e Stull, den d'Grôsi hir ugebueden )
Grôsi : Wat ass iech da geschitt ?
Bebchen : Wat mir geschitt ass ! Et gett mir schlecht genug. Just we engem , den net wés, Wo an a wo aus.
Grôsi : Da sot mer dach, wat ass geschitt ? Kann ech iech dann net hellefen ?
Bebchen : Jo dir mengt et gudd mat mir. Dach sot emol, wat ass mat ärem Marie ? hat ass eso gedreckt fun hei fortgangen ?
Grôsi : Hat mengt Leit gewen hat eso schief bekucken . ( d'Bebi kuckt d'Grôsi ganz verwonnert un ,mecht de Mond op, we wann et wöllt schwätzen, a lauschtert a wenkt mat dem Kapp ) Hat ass haut eso traureg a geschloen. Mir ass et grad eso schwe'er ömt Härz. Jo, et göt en âl.
Bebchen : Dat kann ower mol eppes bedeien. Et kann eppes virgefall sin,wat dir net wesst
Grôsi : Wé mengt dir dat ? Wesst dir eppes ? Da schwätzt dach ! Ech verdroen ewell e gut Steck Léd .
Bebchen : Nen, ne, ech hun, ech war, ech wes net, ärt Marie ass dach eso e prächtegt Médchen.Hat ass ewell eng richteg Joffer gin , eso schen a scharmant ewe seng Mamm.
Grôsi : Halt de Mond ,a nennt mer de Numm net . Ech hu mer e ganz aus Kapp an Härz eraus erschloen .
Bebchen : O nen, Anna ,do iert dir iech .Ech mengen d'ass Zeit fir ärem Kand d' schicht fu senger Mamm ze verzielen.
Grôsi : Nen, nen, öm Gotteswöllen nen ! Dem onschöllege Kand soll ech der egener

Wanns hir Schold a Sönd bekennen. Ne Bebchen dat kann ech net. Nei-nén

Bebchen : A dach et wär dat Pescht, wann der ärem Marie alles verziele geft.
Grôsi : Nen, ech kann et net ! Ech kann de Schleier fun der Mamm hirer Schold net ewegze'hen ...... an dach, wann ech richteg iwerle'en wir et ewell dat bescht.
Bebchen : Jo, et wär vill me schlemm, wann hat et fun den ânere Leid gewuer gef.
Grôsi : ( iwerlet ) Jo, ech well mer et nach iwerlé'en. O wat e Léd ! Wat eng Schm.ch!
Bebchen : Sot huet et nie eppes vun sech he'ere geloss ?
Grôsi : Dach, ufangs huet et mir dacks geschriewen , awer ech hun seng Bréf verbrannt an net geliest. Et grault mir firun dem Framesch.
Bebchen : Ma et ass dach ärt ....
Grôsi : Nen, et ass et net me .
Bebchen : Eso duerft dir net schwätzen. So hart an oni Härz duerft dir net bleiwen. Eiser Herrgott wor a sengem grosse Léd um Kreiz och nach barmherzeg. " Haut nach" sollst du mat mir am Paradeis sin," huet hien zum Schächer gesot an eso set hien och nach haut zu all arme Senner.
Grôsi : De Schächer hat och bereit.
Bebchen: Wesst du , op hat net och bereit?
Grôsi : Dat glewen ech net.
Bebchen : A wann hat e gudden Dag hêm kém a voll Rei a Léd iech zu Fëss Fiel ?
Grôsi : ( Viert mat beden Fänn ) O Muttergottes verhitt du dât , dat ech et nach emol erem gesäch !
Bebchen : So vermesse schwätzt dir ,Anna !
Grosi : Wat wösst dir ? Dir wart net bestued. Dir huet nie e lewt Kand un ärt Härz gedreckt, nis Mammeléd a Fréd gefillt.
Bebchen : Kuckt d'Himmelsmamm önnert dem Kreiz, huet sie och net vill schwe'eres a Batteres matgemacht.
Gro'si : Dach,awer hiert Kand hat net Schold a Schân iwert sie bruecht. Hiert Kand war onschölleg. Ewer, Bebchen, fir wat huet dir d'Ried dann elo grad op hat bruecht.
Bebchen :Dann he'ert ech wollt iech bieden, dem Marie d'Wuerecht fu senger Mamm ze soen,well erfeert net sie ass erem komm.
Gro'si : Wat ass erem komm ? ( Sprengt op )
Bebchen : Kuckt mech net eso , Anna ,raft iech zesummen,a sitt stark. Den Dag huet dach eng Ké'er misse kommen.
Gro'si :Nen ,bei mech duerf hat net kommen.Nie!
Bebchen : Ma Anna.
Gro'si : D'Marie duerf seng Mamm och net gesin.Dat Framench duerf mer net me ennert d'Aen kommen.Ech hassen et. Neischt hun ech mé fir hat.Et ass mer nemme me Hâs , Hâs !
Marie(kennt era gesprongen )

## 5.Scene.

Marie : Ass et woer ? Et kann net sin. ( Werft sech virun d'Grosi né'er a léd sei Kapp an hire Scho'ss )
Gro'si : Wat kann net sin mei Kand !
Marie : Dat sie .... dat sie nach liewt. (Schwätzt ganz se'er a schluchst) O, sot et wär net woer,dat sie a Schold a Sönd nach liewt . O Gro'si nen, sie ass am Himmel, wé dir ömmer gesot ! Nén sie liewt net me'. O schwätzt dach !
Bebchen : O gott ! wat soll dat gin ?
Gro'si : Fu wem schwätzt du mei Kand ?
Marie : Fu menger Mamm ( stét op ) Do baussen soten d'Leit mir elo grad,sie wär net dôt. Sie hu mech ausgelacht a verspott. We ech an d'Schlass wollt goen, komm Nopesch Lisi. Dat huet mer eso frech an Gesicht gelacht, a mir ( verstoppt Gesicht an d'Hänn ) eso en elient Wuert entgent gejaut. De Gärtner Franz huert gesicht, mech ze bero'hegen.Hie sot, meng Mamm wär nach um Liewen ,an sie wär hei am Duerf .
Gro'si : Da muss et jo elo sin. Mei Kand nu lauschter schén a sef stark. Jo deng Mamm liewt ( Marie fällt mat engem Kresch zesummen.)_
Bebchen : Du aremt Kand ! ( get fort ) Eng Paus.
Marie : ( Kent zo sech ) Mei Gott dann ass alles wo'er wat Leit son. O sot mer alles ,alles!

Gro'si bass du stark genug, fir d' Wo'erecht ze he'eren ?
Marie : Jo, ech kann et, ech bleiwe stark. ( knet virun der Gro'si neer.)
Gro'si : Mei gudd Kand nu lauschter : We' mei Mann ,dei Gro'ssoapp selig, gestuerwen ass,hun ech mech mat mengem klenge Médchen, Nora an des Gegend zreckgezugen. Mat mengen Hänn hun ech geschafft a Geld genug verdengt, fir eis brav an e'erlech ze erhalen. D'Nora ass zu engem gro'sse schéne Médchen erop gewues. Do le'ert et e gudde, feine Jong kennen. Brav an e'erlech war en durch an durch. Et gof dei Papp. Hien hat en Härz ,trei wé Gold. Ech war eso' fro' , mei Kand engem so' gudde Mann uvertrauen ze könen.
Marie : War meng Mamm schén ?
Gro'si : Jo, s.e war opfalend schén .Ma Schénhed ass oft d'Ursach vum Ongleck enges jonge Médchens. Op émol ,du wars ewell op der Welt, huet et hir net me' bei dengem Papp gefall. Sie wollt det Liewe gene'ssen an sech amüse'eren. Sie wollt net me an engem klengen Dierfchen hir Schenhed an hir Liewesluscht vergruewen. Wat ech do gelidden hun ,dat kann ech der net soen.
Marie : Arme Gro'si !
Gro'si : Dei Papp ass och dun mat denger Mamm an d'Stâd gezun,well hien hat seng Frâ ganz gären. An hie wollt hir och gär de Wöllen dun. An der Stâd hut se sech ganz an de Strudel fum Amusement geworf. Am Danz a Plaise'er a Kino huet sie hirt Liewen erem bruecht. Gott a Gebot huet sie vergiess. All dat Geld, dat hien durch Musek a Gei spillen verdengt huet,ass sie droppmache gangen. An du kom en Dag ,- o ech vergiessen et net eso' lang ech liewen. Mir hu bis spét an d'Nuecht op deng Mamm gewart. Sie ass net me' eröm kom.Mat batterem Härz huet dei Papp no senger Fra gesicht. Awer emsoss. De Glaw, an d'Left zu Mamm a Kand huet sie verluer op der Sicht no Amusement a Genoss. Dat war deng Mamm. Dei Papp ass zwe Johr drop fu Léd a Verdross gestuerwen. An du hat ech dech nemme me ganz eleng. Du bass eleng bei mir bliwen fun allem, wat ech gären hat.
Marie : (lues ) An d'Mamm, liewt sie nach?
Grosi : Net me' fir dech a mech.
Marie : Wa sie nach liewt, dann denkt sie och nach un eis zwé.
Grosi : Du bass nach ze jonk fir de Schmoch ze verstoen.
Marie : Sie ass awer meng Mamm!

## 6. Scène.

Bebi : ( Kent opgeregt eran ) Anna,we'sst dir et ? ( set der Gro'si eppes lues an d'O'er. (Gro'si erfe'ert.)
Gro'si : Awer net heihinner, ech wöll et net me gesinn.
Bebi : Et kent gleich no mir eran.

## 7. Scène.

Nora : (kent eran, ass obfalend geklet, awer nole'sseg )
Gro'si :( schlet d'Hänn firum Gesicht zesummen )
Nora : Dohém ! endlech dohém ! ( Get an Zemmer geseit Marie ) Wé bass du ? Secher d'Marie. Loss mech dech emol kucken ! ( Betruecht Marie ) Wé bass du esom schén gin an all déne Johr! Komm mat mir ! ( Wölt seng Hand ergreifen )
Marie : ( schudert sech ) Wie sidd dir ? Git ech ferten iech.
Nora : Mech? ( et lâcht) Jo, jo ech gléwen et. Sie hu mech bestemmt als Deiwel schwarz an abscheileg firun dengen Aen bemolt . ( get lues un et erun )
Gro'si : Stêt opaus der Fotel ) Eweg vun him, a probe'er net ,dat onschöllegt Kand unzepacken.
Nora :Ech hun e Recht un dat Kand, well ech si seng Mamm!
Marie : We' ,meng Mamm !
Gro'si : Dat Recht hues du verluer,wes du Mann a Kand verlos hues.
Marie : Dir !............ dir........ sit meng Mamm! !

Nora : Jo, ganz gewess.
Marie : ( hält d'Hänn an d'Lucht ) O, da gitt mir meng Mamm erem. Git mir dat Bild erem,dat ech fun hier so reng an helleg a mengem Härz gedroen hun,an dat dir elo zerste'ert huet! A schwätzt dach nemmen.

Nora : ( dret Gesicht eweg a set gedreckt ) Ech kann et net .
Gro'si : Ma da gé dach, wanns du de leschte Fonken fu Lewt a senger Sél net erstekke wölls . Gé , gé !
Nora : Et ass mei Recht,ech bleiwen .
Gro'si : Gé wuos de hier kens .
Bebchen : Anna weist et net zreck, dët him led, hat bereit alles.
Gro'si : Liecht eng grimmel Rei aus dem bése Gesicht ? Wat mechs de hei ?
Nora : Ech bleiwen hei,an domat basta .
Gro'si : Nie an nimmer ! Häss du é Fonken E'ergefill, da wärst du net hemkomm.
Nora : Ech si sât dobaussen an der Welt ze lâfen.
Gro'si : Hât en dech fortgescheckt !
Nora : Nén dat net .
Gro'si : Dann duerfs du och net bleiwen .
Bebchen :Sött net eso streng! Wann dir hatt verstosst, da kann hat net eröm de Wé zum Herrgott fannen.
Gro'si : Nén, hat get wo et hier kent.
Marie : Gro'si losst se hei!
Gro'si : Fir mir an dir de Fridden ze huelen .
Marie : Sie ass awer meng Mamm .
Gro'si : Gutt, wanns du sie lewer hues als mech, de trei fir dech gesuergt huet, da kann sie bleiwen.
Marie : O, merci Gro'si fir dat Wuert.
Gro'si : Da lauschter och zu Enn. Op der Minut verlossen ech det Haus .
Marie : ( voller Angst ) Nén, nén! ( hängt sech un sie )
Gro'si : An ech kommen nie me eröm bei iech .
Marie : Nén ,nén , dat duerft dir net .
Gro'si : A wie soll mir de We hei vertrieden ?
Marie : ( kreischt ) O, bleiwt, o bleiwt dach ! !
Gro'si : Du hues ze wielen . Et leit an denger Hand.
Marie : ( d'fällt virun d'Bühn ) Herrgott ! o höllef mir dat ech meng Mamm nes eröm gewannen . Soll ech aus dem Monn fu mengem Jésus de Wierder he'eren : Kand, ech hun an deng Hand d'Sél fun denger Mamm geluecht, an du hues se net gerett ! E klengt Opfer, das du fir d'Sél vun denger Mamm solls brengen, wär dir ze schwe'er an ze gross ( höllt def Otem ) Et ass geschitt losst d'Mamm hei a bleiwt dir och hei !
Gro'si : ( zum Bebchen ) Nie an nimmer. Kommt , Bebchen, da Kann ech goen.
Bebchen : Net eso,Anna .
Gro'si : Roheg ! kuck nach emol . Geseit eso Trei an d'Dankbarkét aus ? ( Sie weist opt d'Nora an op d'Marie , da get se lues fort )
Marie : (wöllt no goen ) O Gro'si !
Nora : Loss se goen .
Marie : O Herrgott, huel mein Opfer un ! ( werft sech em Nora an d'Aermm : " O, Mamm, ech hun elo nemmen me' dech .
Nora : ( mecht sech lass vun him ) Jo, jo, et ass scho gutt eso.

Rideau fällt .

## 2. Akt.

Platz virun der Kapell, rechts d' Portal vun der Kirch, op der Seit e grossen Afferstack, lenks eng Bänk.

### I. Scène .

(Nelly an Netty kommen mam Rosekranz aus der Kapell)
Nelly : We' fönds de mengt neit Kléd ?
Netty : Ganz schén ass et Nelly .
Nelly : Wé kahl a gleichgültleg du dat sës.

Netty : Hei ass net Platz nach Zeit fir un den Hoffert ze denken.
Nelly : Fir wat ? ( kuckt em sech ) a so well mer hei bei der Kapell sin . Du bass a bleiws dach ömmer d'Joffer klug a weiss. H i kuck d'Platz vum Marie ass nach eidel. So, Netty, zönter dass d'Gro'ssmamm fort ass huet sech vill do geänn/e
Netty : O, dat aremd Kand .
Nelly : Et geschitt him Recht, virwatt jét hat d'Gro'ssmamm fort an hält elo mat dem verlafene Steck do .
Netty : Nelly et ass dach seng Mamm.
Nelly :Vleicht huet sie vill Geld matbruecht ?
Netty : Net é Su. Dat wat Marie verdengt mat Sangen, a Spillen muss hat mat senger Mamm délen, fir ze liewen, seng Mamm huet neischt a schafft net. D'Leit ze' en sech zereck vum Marie a machen him Gesichter wénst senger Mamm. Hat verdengt bâl neischt me an der leschter Zeit, dât aremt Kand, oh, dat gutt Kand !
Nelly : Dann ass hat dach selwer Schold drun, hat hätt dât verduervent a gottvergiessent Framensch net sollen ophuelen.
Netty : Du verstéss net, barmherzeg a gudd zesin. Wann hat d'Mamm och verstoss hät , da kém sie nach mé déf an de Misère.
Nelly : Mengs du y dé géf sech nach zu Gott bekéheren ?
Netty : Jo,jo, mei lewt Nelly ech mengen et fest, Trénen a Gebieder vun engem brave Kand wé d'Marie gin ömmer erhe'ert, dach roheg do kent Bebchen mat senger Gro'si. ( Netty and Nelly gin an d'Kapell, léen awer nach Geld an den Afferstack

2. Scène.

(Bebchen an d'Gro'si ,sie steipt sech op d'Bebchen )
Béb : Mir wöllen hei e bessen Raschten.
Gro'si : ( Kuckt rondrem sech ) Ass et net hei ?
Béb : Wé mengt dir Anna ?
Gro'si : Mä d'Marie, wén da soss . Seng Platz ass eidel.
Béb : Kuckt Anna , so kann et net viru goen,ärt Enkelkand d'Marie hält so vill Schmerz a Léd net aus. Gitt a macht dér Gesojicht én Enn. Sid gudd a barmherzeg an zet den harde Panzer vun ärem Härz eweg, Oh ! Anna , an geschwenn.
Gro'si : Meng Aerm a mengt Härz stin allzeit dem Marie op, awer dem aneren, senger Mamm nie an nimmer. ( Frâen a Médercher gi lânscht an âffen )
Béb : Kuckt haut ass é schent Fest vun eiser lewer, gudder Himmelsmamm. Wellt dir net hir zu Léf dat schwe'ert Opfer brengen an èrem Kand verzeihen ?
Gro'si : ( Stét op ) Loss mer goen. Vleicht get eis gudd Tröschterin mir d'Kraft duerfir, soss brengen ech dat onmeglech ferdeg . ( gin an d'Kapell )

3. Scène.

(Marie eleng an niddergeschloen, setztsech op d'Bäkk )
Marie : Elo soll ech sangen ,a mein Härz zersprengt mer bâl vu Léd a menger Droscht. Sie verlossen mech all a sie veruechten mech och nach. ( Dreht séch zur Kapell) Sie verstinn mech net. Du, eleng du gudd Mamm du verst's mech. Du kenns mei Léd,dat ech net me lang packe kann, oni deng Hellef. Oh ! hellef mir, wo all Mensch mech veruecht a verstésst ! Oh ! sén mei grosst, grosst Opfer.

4. Scène .

Nora :Wat mechst du hei ?
Marie : Ech hun hei gebied.
Nora : A fier wén ( Nora lacht ) Ech wés dass du bieds fir mech, dat verirrt Schôf:
Marie : Oh,Mamm ! Oh Mamm !
Nora : Loss kucke, wâts du verdengt hues .
Marie : Nach glad neischt.
Nora : Wat nach neischt. Ech brauch Geld, vill Geld. Ech sin net gewinnt Honger ze leiden an ze faschten, wes du et mechs, nén,nén ( geht )
Marie : Oh Mamm, bleiwt hei a gitt net fort me soss stierwen ech nach vun e lauter Léd.
Nora : So, du kanns och mat mir goen. Du hues e schengt Gesicht an du sengst och gudd, du kanns......

Marie : ( fällt hier an d'Ried ) Nie, wellt ech mat iech goen.Vill lewer schaffen ech Dach an Nuecht, d'ass Blutt mir zu den Nél erausquöllt. Kuckt Mamm mein Härzblut gew ech hir ,wann dir en Ableck ert grässtlecht Sendeliewen bereie géft.
Nora : Schwätz mir ké Blech, wann et emol zum Stierwen könnt , hun ech nach Zeit fir mech ze beke'eren,a bis dohin ass et nach lang, ech sim nach jonk. Ech well d'Liewe nach genessen. Ech gin mech elo amuse'eren, da kannst du kucken dass du eppes ziessen kriss , an duerfir muss du descht eppes an de Peidel kre'en ( get fort )
Marie ( eleng )

5. Scène.

Lew gudd Himmelsmamm ass dann alles emsoss , mei Pieden a meng Affer de ech schon all hu bruecht fir meng arm, def gefâlle Mamm. Oh ! Himmelsmammm, barmherzeg Mamm, he'er du mei Ruffen, nach kén huet zu dir emsoss gebied, den dech öm Hellef ugeruff. Oh ! höllef, oh ! höllef du gudd Himmelsmamm mir .

6. Scène.

Marianne : Do setzt altrem dat Hêschekand.
Victorine : Jo elo kann en nés an de Portemonnaie klammen.
Marianne : Wann eis Almosen nach besser ugewannt wären da géf ech och mé , an och mé dachs, awer eso ( lues ) der weschter verrufener Mamm get et alles. Net woer Victorine?
Victorine : Wé wês, wat sie mat eisem Geld machen ?
Angèle : Den Herrgott kuckt net drop, wat aner mat eisen puer, armselegen Suen machen, hie geseit awer gutt mat wat fir enger Menong mir sie gin.
Marianne ( voller Spott ) Nu he'er d'Angèle, dir wärt e gudde Prédeger gin , klammt lewer op de Prédigstuhl a sot der schlechter Welt we barmherzeg a gudd sie soll sien.
Angèle : Dir gesitt dat Nôt no Höllef rifft. ( greift an Pourse an dreckt dem Marie engt schent Steck Geld an d'Hand )
Angèle : So mei gudd Kand ! biet fir mech. ( Angèle get an Kapell )

7. Scène.

Marie Den Herrgott soll et ech lônen meng gudd Madame.
Marianne : ( lues zum Victorine ) Wat huet d'Angèle gin ?
Victorine : Ech mengen e Goldsteck.
Marianne :Dat ass ze vill. Ech gin him e puer Su Mönz well ech muss och eppes an den Afferstack werfen. ( Werft dem Marie se an de Schôss a sèt ) önnersté dech awer net denger Mamm hei vun eppes ze gin .
Marie : Merci meng gudd Madame.
( Marianne geht bei den Afferstâck a werft mat vill Tam,Tamd'Mönz dran. Da geht sie an d'Kapell )
Victorine : Hei hues du och eppes vu mir ( get dem Marie och Mönz a geht an )

8. Scène.

( Eng arme Frâ )
Frâ : Hei kuck eis kleng Sängerin ass och schon hei,hues de haut engt gudd Geschäft gemacht mengt Kand ?
Marie : Oh jo !
Frâ : ( mecht Hand op ) Hei m ng Môdchen hues du eng Klenegkét och vu mir. Ech géf dir so gäre mé gin, mais ech hun et net. Duerfir bieden ech och an der Kapell fir dech aremt Kand.
Marie : ( höllt de arm Frâ mat der Hand ) Merci, merci dir gudd Frâ, dir huet mir dat bescht Almosen gin : e gudd Wuert. ( Frâ geht an d'Kapell )

9. Scène .

Lilianne ( fällt dem Marie öm den Hals )

Lilianne : Marie do bass de jo.Wé kucks du eso traureg dran ! Komm mat an d'Andacht. Haut feiere mer dat schent Muttergottesfest. Wat get dat schén an der Kapell, ech sin eso frô !
Marie : Du gudd Kand geldu, du bieds och fir mech ?
Lili : Gewöss bieden ech fir dech, fir d'Mamma an fir de Pappa. Du wés nach net d'ass mei Papp eröm ass.
Marie : Nén Lilianne, zönter wenie ass hien eröm ?
Lili: Zönter geschter, oh, wat sin ech frô ( kuckt öm ) Do hannen könnt meng Mama mat menger Tata Hélène ( Léonore an Hélène kommen )
Léonore : Marie we get et dir, du kucks eso traureg dran ?
Marie : Merci, gudd Comtesse, et werd jo émol besser gin.
Léonore : Haut am nometteg kanns du an d'Schlass kommen, ech hun eppes fir dech. ( get him an dem Liliane och Geld, dat hat dem Marie get, mat engem Kuss ( get an d'Kapell )
Marie : Dausendmol merci, den Herrgott soll iech belônen fir alles wat dir mir eweil guddes gemach huet.
Léonore : Marie wat mecht deng Mamm ?
Marie : Comtesse, dir, dir, dir frot no menger Mamm ? No der verstossener a verüechter .
Léonore : Virum Herrgott si mir all arem Sönner. A wann hien eis net helleft mat senger Gnod, könne mir all fâlen a söndegen.
Marie : So huet nach ké mat mir geschwât. Oh, Comtesse, er Wierder sin wé Balsam fir mei krankt Härz.
Léonore : Marie, nu bied och fir mech an hölleft mir der Himmelsmamm ,eiser gudder Tröschterin merci soen ,dat sie mei Mann eso glecklech a gesond no langer Trennung erem hóm gefe'ert huet. De böse Krich ass aus . Gott sei Dank ! Gott sei Dank !
Marie : Ech fre'en mech mat iech gudd Comtesse, den Herrgott soll ech nach lange Reihen vu Johren gleckleech liewen lossen ( D'Uergel spillt )
Hélène : Da komm dach Léonore, d'Andacht fängt un . Hues de nach net enuecht geholl dat den Afferstâck faul ~~g~~ a wurmstécheg ass ? Et wärd dach kén eso keng sin an en opbriechen, well dat ass net schwe'er.
Léonore : Nén eso eppes mecht kén hei virun der Muttergotteskapell.
Hélène : ( kuckt d'Marie un vun der Seit ) Oh, et kann en et net wessen. Et dreiwen sech eso allerhand Leit eöm hei op der helleger Platz.
Léonore : ( kuckt op den Afferstâck ) Den ass nach net eso schlecht , hei misst en jo schon vill Kraft hun fir en opzebrichen. ( helt hirt schent Kreiz mat der göllen Ketten a wörft et dran )
Hélène : Wat mechst du do, wat denks du ?
Léonore : Et ass fir Muttergottes, ewell mei Mann gleckleech eröm aus dem Krich komm ass .
Hélène : Dat ass schén, mais du häss dat kostbart Geschenk persönnlech sollen ofgin, an net an den âlen Afferstâck werfen.
Léonore :Hélène dat wollt ech grad net machen. Nu komm mir gin an d'Andacht. ( allen zwé gin se an )

## IO. Scène.

(Nora kent a kuckt virsichteg ronderem sech )
Nora : Hues du gesinn wat sie geaffert huet ?
Marie : E göldent Kreiz mat Perele besât.
Nora :Wuertir soll dat hei an dem Afferstack leien, ech kann et gudd gebrauchen.
Marie : Mamm! Mamm ! nén du wärst....
Nora ( geht bei den Afferstack ) Jo,jo, du schwätz ,ech muss eppes hun fir ze liewen. De âl Kescht do kre'en ech schons op, fert net !
Marie : Né Mamm, né Mamm, du darfs net !
Nora : Du dommt Steck, wat darf ech net .Mengst du ech gef mech erhengeren lossen, an hei leit eso ö Reichtum, hei an der aler Késcht .
Marie : Dir spasst wuel Mamm ! Wat huet dir mech erfe'ert, ech hu gemengt dir wird geckeg ?
Nora : Efalt do, ech war nach nie eso kloer am Gesicht we elo. Lauschter emol . Bless elo grad kén hei, elo get emol probe'ert fir dat Kreiz mat der Ketten eraus ze kre'en.

dat get 'ké gewuer a mir kennen eng lang Zeit domat den Honger stellen ( wöllt un den Afferstâck goen )
Marie: ( hält se zreck mam Arm ) Nén, nén dat darfs du net Mamm .
Nora : Loss mech gewerden, du domm Totzdo, d'ass dach och fir dech mat.
Marie : Vill lewer stiewen ech, nen ,nén, ech wöll kén Def sin.
Nora : Da loss mech eleng gewerden, et werd scho goen.
Marie : ( stellt sech virun den Afferstâck mat ausgebrédenen Aerm, a versperrt senger Mamm de Vé )
Marie : Mamm net é Schreck weichen ech vun hei .
Nora :Dann hal dach dei Mond, du jeitz jo dass en dobannen alles he'ere muss.
Marei :(Ëmmer mé opgeregt ) An misst ech jeitzen bis un d'Enn vun der Welt, ech lossen dat nie an nimmer gesche'en, dass du meng Mamm och nach solls ém De'ef gin. Oh, lew Himmelsmamm, hellef, hellef !
Nora : Ma hal dach de Mond a loss mech gewerden !
Marie : Gott, oh Gott ,hellef dach dass dé Frevel, de Sacrilég net geschehen kann !
Nora : Ech werd dir d'Maul schonă stoppen ( kämpft mam Marie bis et ohnmächteg op de Puedem fällt ) Jo elo sin ech Meschter, elo kre'en ech den âlen Afferstack schons op. Oh, et ass mir wé wann eng unsichtbar Hand méch géf vun hei fortze'en ( kuckt nom Marie ) Oh, wann et dot wär ! Fir wat ass et och eso gewessenhaft an eso é'eriech a brav ? ( get nes bei den Afferstack a lauschtert wat an der Kapell gesonge get . Well elo sollten hannert der Fühn e Muttergotteslidd gesongen gin , awer ziemlech lues )
Dat Lidd dobannen gét mir am Kapp erem . ( réft sech zesummen a gét un den Afferstâ a shhafft vill drun , bis en op ass ) Hei kuck elei dat Holz ass jo faul. Do elo hun ech Kreiz mat der Ketten. Nun awer se'er fort dat kén mech ertappt.
Marie ( hat ass an der Zeit zo sech komm a ges/eit d'Kreiz an senger Mamm hiren Hänn, et richt sech op ) Oh Mamm, oh Mamm wé konnst du dat machen ? Vé konns du eis lew Himmelsmamm bestélen ? o gef et erem a séf kén Déef, Mamm bleiw kén Déef !
Nora : Hal dach dein domme Mond a komm mat mir.
Marie : Oh, nén Mamm nén ech kann net ( zét d'Mamm mam Arm )
Nora : Ech hun et an ech halen et och, loss mech goen.
( Nora reisst sech lass vum Marie a wöllt d'Kreiz an d'Täsch dun, dat fällt awer op de Puedem oni dat Nora et geseit a rennt fort ) Ech gin och oni dech, dudommt Médchen.

## II. Scene.

Marie : Oh, Gott sei Dank ,meng Mamm huet net gesinn dat sie d'Kreiz mat der prachtvoller Ketten lanscht hir Posch gestach huet an hirer Abregung a Verblendung ( hieft et op a wellt et gleich erem an den Afferstâck le'en. An dem Moment kommen Léonore an d'Hèlène. Hélène geseit d'Kreiz an dem Marie sengen Hänn )
Hélène : Léonore geseist de elo wat mat dengem Kreiz geschitt ass, ech hat der jo gesot du solls et net an den âlen Afferstâck le'en.
( Marie fiert zesummen )
Léonore Mei Kreiz, Marie mei Kreiz, wé könnt dat an deng Fänn ?
Hélène : Kuck den Afferstâck ass och opgebrach. Ech hun der et jo gesot.
Léonore :Vat wolls du mat dem Kreiz machen .
Marie : Ech wollt ... et ... erem an den Afferstâck eranle'en.
Hélène : ( spottesch ) Jo, so lewer ech hun et doraus gekleut.
Marie : Dat ass net woer.Ech hun et net gestuel, nén.
Léonore : Marie sot d'Woerecht . Vén huet et geholl, wén huet den Afferstâck opgebrach ? Je so mer et ,schwätz .
Marie : Ech kann et net soen, léw Comtesse.

## I2. Scène.

Léb : Watt ass dann hei geschitt ? Dat ass jo ert d'Marie, Anna . ( de kommen och aus der Kapell )
Gro'ssmamm : Vat ass hei passe'ert ?
Hélène : Ert d'Marie huet é Sakrilége begangen.

Gro'si : Marie, du ! Hun ech dech gele'ert ? dat ze machen ?
Marie : Oh Gro'si nén, nén !
Gro'si : Da schwätz !
Marie : Ech kann net Gro'si, ech darf net.
Gro'si :Firwat kanns du net, wanns du onschölleg bass, da muss du elo schwätzen oder.. .
Léonore : Mei Kand so dach nemmen é Wuert. Ech wés du wars an Not an a Suergen, du konns der Versuchung net wiederstoen, an elo bereits du et batter. Geld eso war et ?
Marie : Nén, nén!
Gro'si : Ech wés et besser. Du wolls der Mamm et gin, sie huet dech derzo ver-fe'ert.
Marie : Nén , nén !
Marianne : Marie wat bass du awer é verstockte Sönder !
Gro'si : Da so et dach, wé bereit fönt och Verzeihung a Barmherzegkét.
Marie : Ech kann net Gro'si .
Gro'si : Nén eso eng Schân dés du mir un,zu mengem âlen Dâch .
Marie(knet fir op d'Bühn ) : Soll ech et agestoen, nén, da wär sie jo rettungslos verluer. Oh Gott, meng E'er brengen ech zum Affer dir. Loss deng hélleg Gnod an hirt Härz fâlen.
Marianne : ( rückwärts)hat gesteht et emol net an
Victorine : D'sét éwer och neischt, neischt !
Hélène : Rufft Gendarmen .
Léonore : Marie , mein armt Kand , so mir et ganz eleng.
Gro'si : Da so der gudder Comtesse et mei Kand.
Marie : Ech kann net Gro'si .
Gro'si :(Richt sech op , ar hieft d'Hänn and Lucht mecht zwo Fauschten a sét ganz hârt : Da sollst du verflucht sen, du , du ....
Marie:Oh, huel dat grässtlech Wuert erem zreck, ech bieden dech , lew Grosi !
Gro'si :Nén ,nén , ech wel neischt me mat dir ze dongen hun, komm Bébchen mir gin
Hélène : Do kuckt , do hannen kent d'Police. Am Prisong hues du Zeit fir iwer dei scheinhellegt Wesen nozedenken, nén , dat hätt ech awer net vun dir geduecht
Rideau fällt.

## 3. Akt .

### I. Scène .

( E Prisong a é Strésack . Guichetière kennt mat der Gro'si a mam Bébchen eran )
Guichtière : Hei ass d'Zell vun erer Enkeline. D'Verhéer ass elo grad um Tribunal wann dir eso lang Zeit huet, a wellt warden , da setzt iech hier op d'Frötsch ech muss erem goen, an och zo spéren .
Bébchen ! Jo mir warden bis d'Marie erem könnt
Guichetière : De gudd âl Fra det mer léd ( spärt d'Dir vu baussen )

### 2. Scène .

Gro'si : ( könnt me no erbei a kuckt ronderem sech a sét ) Hei op deser Platz le'wt mein aremt Kand. Oh Bébchen, datt ech dat a mengen âlen Dé'en nach muss erliewen !
Béb : Seng Onscholâ wärd sech nach beweisen .
Gro'si : Hat schwätzt guer net. D'escht war ech och bés iwer et, dach wann ech de Sach elo nodenken, da muss ech soen, et kann net schölleg sin .
Béb. Haut ass dé leschten Dâg vun de Verhandlungen, haut muss et schwätzen oder Dat get schölleg erkle'ert.
Gro'si : Dat iwerliewen ech net. Ob Sakrilège stét Dodesstrof, hu ech schuddere mech wann ech drun denken. Wevill Auer soll et elo wuel sin?
Béb : Et wär bâl Mötteg sin .
Gro'si : Elo sin se um Gericht, sie werden mein aremd Kand dach net zum Dod verurtelen. Oh ! Gott, mei Gott, gew mir mei gudd Marie eröm. Ech war ze hart an ze streng mat him, wannst du him d'Freihet an d'Liewen eröm gés, dann huelen ech seng Mamm och eröm bei mech, eso schwe'er wé et mir och fällt .

Béb : Anna,et wor net recht vun iech, dat dir ärt égent d'Kand , ert enzégt Médchen versto'ss huet well dann , wär dat Ongleck nie geschitt, an dir stengt mé schén do. ( et schl.t I2 Auer )
Gro'si : Et ass elo metteg. Oh, Bébchen, wann sie mei Kand dot machen , da stierwen ech mat him. Elo fällt de Richter d'Urtel, o a wann hat fir schölleg gehâle get , o, dat aremt Kand ! ( Gro'si klammert sech un Béb )
Béb : Schwätzt net eso, em Gotteswöllen, du dréms Anna .
Gro'si : ( fiert sech iwer Stier ) Jo, jo, ech drémen am heilen Dâg, et kann jo net sin et durf net sin, eso hart werd ech dach net gestrôft gin. Mei ganzt d'Liewen hun ech dat d'Kand behitt a bewacht. Et war meng Fréd a mei Stoltz an elo soll hat en Déd , en Kirchendéf gi sin, nén, nén,nén.
Béb : Anna dir musst iech dat erwarden .
Gro'si : Wär ech nömmen um Gericht bliewen, mais ech hun et net do ausgehâlen. All Aen ware voll Spott an Hâss op mech gericht. We ech d'Marie do gesin hu stoen du gow et mir eso kloer we d'Sonnelicht, dat hat onschölleg ass. Eso roheg, eso reng stong et virum Richter. Eso stét ä é richtegen Déf net do ( sie lauschtert) Et könnt , et könnt, oh Bébchen verloss mech net an desser Stonn !

3. Scène .

Marie : Oh, Gro'si sit dir hei ? ( ganz traureg )
Guichetière : ( mecht him d'Ketten lass ) Nun tommelt iech, et ass nemmen fir eng kurz Zeit, ech kommen iech geschwen ofhuelen.

4. Scène .

Gro'si : ( sie get bei d'Marie ) Kand wé ass et bass de frei ?
Marie : ( lues) Ech sin zum Dod verurtélt , jo ech muss bé'ssen fir ..... an duerfir muss ech stierwen.
Gro'si : Sie darfen dech net od machen, du bass onschölleg, ech gesinn dir dat of.
Marie : Ech muss be'ssen , ech muss stierwen .
Gro'si; Nén, mei Kand mat mengen Hänn entreissen ech dech dem Henker, du darfs net stierwen, oni dech kann ech net liewen.
Marie : An dach muss mir vun enén go'en, lew Gr'so , ech muss be'ssen, ech muss stierwen.
Gro'si : Du bass net schölleg mein Engel, mein Pärz set mer et. Du ues dat golden Kreiz an d'Ketten net gestuel. Marie so dach wén et war, da gess de frei.
Marie : Herrgott, gef mer Kraftfir en Sacrilège ze sühnen, ech well be'ssen, ech well sühnen fir de Sacrilège , a geschwönn, jo geschwöö wann den Himmel sech rot fierwt, da fällt mei Kapp. Ech wöll be'ssen.
Gro'si : Nén, nén, ech roen net , ech gin bei de gudd Somtesse bis dass dein Urtél geännert get.
Marie : Et helleft neischt. Bleiw hei bei mir, Gro'si .
Gro'si : Dach ech gin elo gleich. Eddi mei Kand. Gottesengel soll dech beschützen an deser batterer Stonn.
Marie : Gró'si, meng lew Gro'si, sén mech nach wést du mech all Dâg gesehnt hues we mir eso schén zesummen waren, verzei mer och dass ech net bei dir bliewe sin.
Gro'si : Gott an eis gudd Himmelsmamm sie sénen dech , mei Kand.

5. Scène .

Guicht. : D'Zeit ass öm, dir must hêm goen.
Marie : Ech danken dir fir alles Gro'si, oh, ech sin elo ganz roeg. Eddi bis mar.
Gro'si : Ech brengen der d'Freihét mei Kand !

6. Scène .

Marie : D'Freihét, du gudd Gro'si, dé brengst du mir net. Hei ass mei leschten Dâg. Nach nie hat d'Sonn mir eso schén gelâcht ewé haut? Sie wollt mech nach emol gréssen. Eddi och du Gotteslicht. Liecht allen déne Gudden , dass sie gudd bleiwen, déne Bésen dass sie de Wé zum Gudden eren fannen .Herrgott huel d'Opfer fu mengem Liewen un, fir meng verblend Mamm.

Fe'er sie zereck op de gudde Wé, dass sie erem get we meng Gro'si si gewinnt hat, an dat sie och bei mech an eise gudde Papp an den Himmel kent. Amen .
( lét sech op d'Stré an he'ert do baussen é Muttergotteslidd , hannert der Fühn )
O Maria, hief Erbarmen mar mir, loss mein Opfer net ömsoss sin .

7. Scène .

( Wé d'Lidd verklungen ass mecht de Guich tière D'Dier op mam Nora . Marie schléft op dem Stré )
Nora : Nemmen én Ableck .
Guichetière : E Verurtélten darf ké Besuch me empfänken. (' lues ) Ech mengen de do wär besser hei op deser Platz ass wé dat aremt Kand. Hat ass elo ageschlof, dat aremt Schôf.
Nora : Hei ass mei Kand, wé bléch leit et hei op hardem Stré. Marie ech well dei leschte Schlof net me ste'eren. Sei leschten ! O Gott ech schuddere mech. Muss hat stierwen ? Nén, nén, hei ass de Schelleg , ech war den Déf. O, hätt ech Kraft an de Courage fir et anzegestoen. Oh, wann et nach Zeit ass, dann Herrgott verloss dat deft gefâlend net, gef mir Kraft, mech als den Déf unzegesin, oh Herrgott, geff mir deng Hellef, dass mei Kand net muss be'ssen fir mech.
Marie : ( am Schlôf ) Mamm, Mamm, Gro'si .
Nora : Elo erwächt et , hat duerf mech net ze gesin ( get a kent nés erem ) hat schleft virun . Soll ech nach Verzeihung hoffen. Gott meng Schold ass vill ze gross, du kanns net me barmherzeg mat mir sin . ( am Schlôf sét Marie )
Marie : Léwen Herrgott verzeih menger armer Mamm !
Nora : Du Onschold , du bieds em Verzeihung fir mech , an ech de schelege Def kann et net ! ( Marie an dem Schlôf )
Marie : Lew Himmelsmamm Fir meng Mamm brengen ech dir d'Opfer vu mengem Liewen.
Nora : Gott , fir mech, fir mech affert hat sei Liewen ! Oh! wat Qualen, Hällequalen zerreissen meng Sel ! Fort vun hei, vun deser Platz. Ech ka mei Kand net mé länger uckuken. D'Kainzéchen brennt mir op der Stier. ( fiert sech iwer d'Stier ) Den Dodesengel pakt mat kaler Hand mei Kand , mein hierzegt Kand. Ech kent et erlésen, wann ech mech géf als schölleg erklären, mech als den Déf ugin, awer dat kann ech net, dat brengen ech net ferdeg. Duerfir fort, fort vun hei.
( gét fort mat engem leschte Bleck op d'Marie ) Marie erwécht a steipt sech hallef opgericht op én Arm )
Rideau fällt.

4. Akt .

I. Scène .

( Nach eppes deischter muerges fré kent Lilianne virun d'Kapell )
Lilianne : Soll d'Kapell nach zo sin. ( probe'ert ) Nén, Gott sei Dank sie ass ewell op . Ass ewell én dobannen fir ze bieden. Oh, we hun ech d'Härz eso schwe'er, de ganz Nuecht hun ech gekrasch a gebied, well dat aremt Marie haut de Muergen higericht gét . Ech gléwen net datt hat schölleg ass. Mais d'Leit gléwe mir et net ( fallt d'Hänn ) Du lewen Herrgott hellef du dengem klenge , schwache Médchen.

2. Scène .

( Marianne an Victorine komme lanscht )
Marianne : Wat mechst du eso fré hei bei der Kapell ?
Lilianne : Ech bieden fir dat aremt Marie .
Marianne : ( zét d'Schölleren spöttesch ) Mengst du fleicht du géfs é Wonner vum Herrgott kre'en, wells du et bass.
Lilianne : Wés du d'Gebied vun de Kanner flet durch Wolken an den Himmel , dat sét meng Mamma mir ömmer, a meng Mamma lit nie.
Victorine : Hues du da net gefârt fir eso eleng hei hinner ze kommen ?
Liliane : Oh, nén, mei gudde Schutzengel huet mech gefe'ert.
Marianne : Wés deng Mamm dass du vun dohém fortgelaf bass ?

Liliane : Nén, nén ech sin hémlech fortgangen. Et war mir ass wé wann eng Stömm geruff hätt. Stéh op a geh bei Muttergottes, bei eis gudd Tröschterin an d'Kapell Et war secher mein Engel, an dem muss ech dach follegen.

3. Scène .

( Angèle kent aus der Kapell , Marianne sét voller Spott )
Marianne : Hei, hei d'Joffer Angèle , huet dir och fir onst Marie gebied ?
Angèle : Marianne an deser Stonn mecht ën ké Spott. ( geseit d'Liliane ) Du Liliane du bass och schons hei, a ganz eleng oni deng Mama.
Liliane : Jo ganz eleng, ech hun net geféert.
Marianne : Hat huet sech an de Kapp gesât, den Herrgott misst é Wonner wirken fir d'Marie.
Liliane : Dir macht de Geck mat mir well ech eso é klengt Médchen sin, awer wann ech och neischt bei iech ze soen hun, den Herrgott lauschtert mir awer no, an d'ass ganz secher dat dât aremt Marie onschölleg ass.
Angèle : Komm Liliane geh du hèm, dat ass kén Ableck fir é klengt Médchen, wëst du Liliane.
( Liliane reselt de Kapp )
( Angèle schwätzt lues mat him , Nelly an Netty trieden op )
Netty : D'Marie war ömmer ën treid Muttergotteskand. Wé grausam an hart ass et vun de Richteren, datt sie him verbueden hun virum Bild vun der Himmelsmamm nach émol ze kne'en, fir hier dé leschte Grôss ze brengen. Dat ass a bleiwt sei leschte Wonsch.
Liliane : Wé , darft d'Marie net me an d'Kapell kommen .
Angèle :Nén mei Kend ! ( Liliane iergert sech )
Nelly : Kuck d'Grôfekand we hat sech iergert, so Liliane wat mechs du hei ?

4 . Scène .

Léonore an d'Hélène trieden op. Liliane léft senger Mamm entgent)
Liliane : Oh, Mama , ass et woer datt Marie net me virun dem Muttergottesbild bieden darf ?
Léonore : Jo, d'Gesetz wöllt et eso .
Liliane : Dât ass onerhe'ert, dât ass grausam, dât ass net erlâbt ! Mir duerfen all virun der Muttergottes bieden, nömmen dar aremt Marie darf et net .
Hélène : Jo, dât ass eso de Gebrauch.
Angèle : Jo, en onmenschleche Gebrauch, dât muss é soen .
Léonore :So Kend, we köns du heihinner ?
Liliane : Verzeih Mama, ech muss d'Marie nach émol gesin, hat ass en Engel, an hat huet ganz bestömmt d'Muttergottes net bestielt .
Angèle :Komm Liliane, mir gin firt d'Marie bieden, well hat net darf kommen .
( sie gin fort ) Liliane dret sech nach em a sét :
Liliane : Jo, jo, d'Muttergottes verlest hirt gutt Kend net an deser grosser Nôt, glewt mir Tata, sie ass me barmhærzeg we dir all zesummen. ( fâlt Hänn )
O Muttergottes, d'Mönschen können net höllefen, du eleng kanns dem Marie hellefen
( geht an d'Kapell ) Hélène zumLéonore )

5. Scène .

Hélène : Dei Kend get vill ze frei an der Ried, an a sengen Aentwerten, dât muss du him streng verbidden , soss get hat ké feint Kend .
Léonore : Hat ass eso fro beim Marie, datt hat net wés wat et sét. Hat huet sech fest an de Kapp gesât, d'Marie wîr ganz onschölleg, hat wellt et mat Gewalt frei kre'en. ( Méderchen a Kanner kommen aus dem Duerf iwer Bühn )
Netty : Sot kommen se bâl ?
Eng Frâ : Elo sin sie grad op der Marktplatz, iwrigens erzielen se d'Marie hätt et agestânen. ( sie tuchelen matenén )
Léonore : Et dét mer Léd fir de âl Gro ssmamm, de sech ën âneren Liewensowend gewönscht a geducht huet .
Hélène : Wat solle mir nach Matléd hun mat eso engem Pack !
Marianne : A mat eso schénhelleg Gesichter. ( Specktakel vu weitem ) Sie gäwen sech nach gär als Muster histellen fir d'Ganz Parr.

Eng Frâ : Bei all déne Guiselen gölle mir och glad neischt me ( lacht )
Angèle : Wann och iech eppes ze soen hun, dann lauschtert gudd : Hâlt er Zongen am Zahm .
Netty : Kuck , do kommen se , macht d'Kapell zo .
Hélène : Sie kommen se'er.

6. Scène .

( Gro'ssmamm , Bébchen, Marie Nora , Guichtière )
Marie am lange Rack, mat enger Ketten d'Hänn gebonnen, hannert him de Guichetièr dann Nora .
Gro'ssmamm : D'ass mir als wann mein Härz misst sprangen.
Béb : A mir ass et we wa Rettung endlech kém .
Gro'ssmamm : Marie schwätz dach du kanns dech nach frei machen .
Marie .Gro'ssmamm, den Herrgott wellt et eso, elo muss ech nach e puer Minuten stark sin, an dann ass mein Opfer gemacht.
Angèle : Eso kuckt én Déf net dran, eso kann nömmen én Onschöllegen do stoen .
Hélène : A fir wat bleiwen se elo ob émol stoen ?
( Marie tret firun d'Comtesse (
Marie : Oh, gudd Comtesse losst mech é klengt Gebied virun der Kapell vun eiser gudder Tröschterin op dem leschte Wé nach bieden.
Hélène :( kahl ) Went menger, jo mais macht et kurz. D'Part bleiwt eves du wés verspart, en Déf brauch net eran ze goen :
Marie : Ech sin och eso zefridden, merci ! D'Himmelsmamm erhe'ert mech och hei .
( Marie knét ne'er, hiewt d'Hänn op a sengt )
( Part dót sech op,an an der Dir stét Liliane mam Bild vun der Tröschterin an den Hänn )
Liliane : Jo, onerhe'ert an Ewegkét .
Hélène ( streng ) Liliane wien huet dir dat erlabt ?
Léonore : Loss d'Kand gewerden hat mengt et eso gudd.
Liliane : ( Konnt op d'Marie zo ) Marie sie hun dir verbueden bei eis gudd Tröschterin ze kommen, duerfir könnt sie selwer bei dech, well si wés, dass du onschölleg bass. An sie werd dir oc hellefen, vertrau fest op hir Hellef.
( Hält him D'Bild duer, d'Marie dreckt et un sein Färz )
( Nora ass op de Buedem virun d'Marie an d'Liliane gefall an hiewt d'Hänn zum Marie a sét :
Nora : Mei Kand , wât hun ech verschöllt un dir , du hu s gewiert mat aller Kraf wé ech wollt den Afferstack opbriechen ,du wollst lewer Honger leiden,ass we en Def gin, an elo drest du d'Strôf wé wanns du wirklech gestuel häss, ech muss meng Schold bekennen, ech muss de Leit et soen :
Mei Kand ass onschölleg, ech sin den Def. Jo, jo ech eleng sin den Def, mei Kand ass Zeien, awer dat wollt seng Mamm net verrâen, hat wollt d'Strof selwer op sech huelen. Marie kanns du mir verzeien?
Marie : Net eso Mamm, steh op, ech verzeien der vun Härzen.
Nora : Ech well elo be'ssen fir den Sacrilège a fir all meng âner Sönden, fir me ganzt schlecht Liewen, jo ech huelen den Dod un , den ech IO Mol verdengt hun fir erem alles gudd ze machen bei eisem Herrgott a bei de Leit. O Herrgott verzeih mer, d'ass mir alles Léd. Mamm verzeih mir och well dir hun ech d'ganzt Liewen verbattert durch mei schlecht Liewen, Marie du verzeihs mir och, geldu mei Kand .
Gro'ssmamm : Lo hues du endlech de We zum Herrgott an zu denger Mamm erem font .
Marie : Gro'si, verzeih der Mamm, den Herrgott zu Lew, hien verzeiht jo eso gär
Gro'ssmamm : ( ganz feierlech zum Nora ) Jo, ech verzeihen dir och , dem Kand zu lew, an dem Herrgott zu lew, fir dem Herrgott ze follegen.
Marie : O merci lewen Herrgott, merci du gudd lew Tröschterin, merci du gudd Gro si . Merci du gudd Liliane fir den Trooscht am schwe'ersten Ablack vu mengem jongen Liewen, du hues mer eso vill Gudds gedoen, dat werd ech dir am Himmel erem gin.
Hélène : Marie du gudd Kand ech hatt dir Ongleich gedoen, verzeih mir och .
Marie : Vun Härzen gär, o Gott wé get et mir elo eso schlecht .
Nora : Wat ass mei Kand , helleft mir soss fällt et mir zesummen ( Marie löst sech nieder )